

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian, 15:20, 04/06/2020

Lëtzebuerg, den 04/06/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Net ouni meng Mask. Dëst ass de Message vu enger aktueller Sensibiliséierungscampagne, déi vum Gesondheitsministère bal iwuerall am Land ze gesinn ass. Pechbiller a Restauranten souwéi digital Werbeannoncë sollen d'Leit dorunner erënneren, dass si mam Droe vun enger Mask hier Matmënschen a sech selwer virun enger méiglecher Infektioun mam Coronavirus schützen kann.

Wann een d'Metadate vun de Grafiken analyséiert, déi d'Santé zur Verfügung stellt, sou entdeckt een, dass d'Date de Création vun der Grafik de 17te Mäerz 2020 war. Zu dësem Datum hat d'Regierung knapps de Confinement decidéiert. Gläichzäiteg war d'Regierung zu dem Zäitpunkt skeptesch géigeniwwer der Schutzwirkung vu Masken, well dës net medezinesch noweisbar war.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéini gouf d'Werbecampagne an och d'Grafik #NetOuniMengMask, déi haut iwuerall ze gesinn ass, vun der Regierung an Opdrag ginn?
2. Gouf et eng öffentlech Ausschreiwung fir dës Werbecampagne?
3. Kann d'Ministesch confirméieren, dass d'Date de Création vun der Grafik de 17te Mäerz ass? Falls jo,
 - firwat gouf d'Droe vun der Mask zu deem Zäitpunkt net schonns als Recommandatioun ausgeschwat?
 - hat d'Regierung hei bewusst net d'Wourecht gesot, well een eng Panik innerhalb vun der Bevëlkerung vermeide wollt, wëssend, datt et zu deem Zäitpunkt schwéier war Masken um fräie Marché ze kréien?
4. Wéi vill huet d'Konzeptioun vun der Werbecampagne kascht?
5. Wéi vill bezilt d'Regierung fir d'Diffusioun an d'Publicitéit vun der Campagne?



6. Wéi eng Organisatioun huet d'Werbecampagne konzipéiert an designed?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc
Député





Luxembourg, le 07 JUIL. 2020

REÇU
Par Alf Christian, 11:31, 07/07/2020

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2333 de Monsieur le Député Marc GOERGEN du 4 juin 2020 à propos de la campagne de sensibilisation « Net oui meng Mask »

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°2333 du 4 juin 2020 de Monsieur le Député Marc GOERGEN.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2333 de Monsieur le Député Marc GOERGEN du 4 juin 2020 à propos de la campagne de sensibilisation « Net ouni meng Mask »

- 1) D'Regierung hat den 18. Abrëll 2020 déi éischt Echangë mam Prestataire iwwer dës Campagne.
- 2) Wéinst der grenziwwerschreidender Ausbreedung vum neiaartege Coronavirus an der Deklaratioun vun der Weltgesundheitsorganisatioun, dass de Covid-19 eng Pandemie duerstellt, huet d'Regierung séier missen eng Krisekommunikatioun opstelle fir d'Ausbreedung vum Covid-19 zu Lëtzebuerg ze bremsen an huet dofir op d'Prozedur vun der Urgence aus dem Marchés publics Gesetz zeréckgegraff.
- 3) D'Aarbechten un der Campagne "Net ouni meng Mask" hunn den 18. Abrëll ugefaangen. Allerdéngs baséieren d'Grafiken op Elementer, notamment d'Gesichter, déi säit Mëtt Mäerz bestinn a fir d'Campagne "Bleift doheem" benotzt goufen. Fir d'Campagne "Net ouni meng Mask" goufe Masken op déi existéierend Grafike bäigefüügt.
D'Recommandatiounen vum Droe vun der Mask si reegelméisseg a vun Ufank un de Guidelines vun dem ECDC an der Weltgesundheitsorganisatioun ugepasst ginn.
- 4+5) D'Konzeptioun, d'Diffusioun an d'Publicitéit vun der Campagne fir d'Bierger ze informéieren an ze sensibiliséieren hu bis elo 1.132.263,38€ kascht.
- 6) Dës Informatiounscampagne ass (ewéi och de Rescht vun der Kommunikatioun am Kader vun der Covid-19 Pandemie) vun Depixit S.à r.l. (bekannt ënnert dem Numm *Neon Marketing Technology*) realiséiert ginn.